



**Kann d'Madamm Cahen op hirem offiziellen Twitter-Account als Familljeministeschen anner Deputéiert, Journaliste a Bierger „blocken“ oder ausschléissen, an hinnen domadder eventuell Debatten an Informatiounen virenthalen?**

**D'Madamm Cahen huet e komescht Demokratieverständnis. Amplaz sech der öffentlecher Debatt ze stellen, d'Froe vu Press an Oppositoun konkret ze beäntweren an sech hirer Verantwortung am Dossier Alterssheemer a Fleegeheemer ze stellen, blockéiert si Deputéiert a Journalisten op Twitter, déi si öffentlech kritiséieren.**

Ofgesinn dovunner, datt dëst en **onwürdegt Verhale fir eng Ministerin duerstellt**, stellt sech konkret d'Fro, ob eng Ministesch oder e Minister op hirem offiziellem Twitter Account Journalisten, Deputéiert oder Bierger einfach „blockéieren“ oder ausschléissen däerf.

An Amerika huet och den Donald Trump reegelméisseg seng Kritiker op Twitter blockéiert a krut dëst doropshi vum Gericht verbueden. Dëst mam Verweis op d'Recht vu Meenungsfräiheet, déi engem Regierungsverantwortleche verbitt op engem perséinlechen, mee offizielle soziale Medien Account Bierger vun Debatten an Informatiounen auszuschléissen.

Och **d'Lëtzebuerger Verfassung gesäit an hirem Artikel 24 e Recht op Meenungsfräiheet, grad esou wéi Pressefräiheet vir.**

Andeems d'Madamm Cahen Deputéiert, Journalisten an eng ganz Rei aner Leit blockéiert, schléisst si dës Leit vun Debatten an Informatiounen aus. Et muss een dobäi wëssen, datt hiren Twitteraccount offiziell zertifizéiert ass, wéinst hirer Funktioun als Familljeministeschen.

**Als Chrëschtlech-Sozial Jugend fanne mir dëst Virgoe vun der Madamm Cahen inakzeptabel a verfassungsrechtlech fragwürdeg.**

**Wann d'Madamm Cahen sech a kenger Form eppes virzegeheien huet, wéi si ëmmer behaupt, da soll se sech dem demokrateschen Debat stellen**, sief mat de gewielte Volleksvertrieder an der Chamber oder mat de Journalisten/Bierger op Twitter. Si soll hinne Ried an Äntwert stoen op hir legitim Froen a Bedenken, amplaz si ze blockéieren oder just nach selektiv zouzeloosen.

Mir erënnere si bei dëser Geleeënheet op en Neits un de Code de Deontologie vu Lëtzebuerger Regierungsmemberen, deen explizitt seet: *“les membres du Gouvernement sont soumis à l'obligation générale de se conformer à la Constitution, à la loi, au respect du droit et des conventions internationales.”* An deen nächste Saz prezisiéiert dëse Code: *„Les membres du Gouvernement sont au service de tous les citoyens. Ils sont tenus d'accomplir leurs fonction dans un esprit d'intégrité et d'impartialité.”*